



San Miguel de Tucumán
Argentine, 2018

Organisation non gouvernementale (ONG)
agrée par le Ministère de la Coopération et
de l'Action humanitaire



Action pour un Monde Uni



Bulletin juin 2019

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 Fax: 23 67 63 75 www.amu.lu office@amu.lu



Léif Leit,

An eisem leschte Bulletin hu mir iech ënner anerem vun der Katastrophe am Kongo bericht, wou ee mat Tonne Käre gefëllte Silo vun engem Noper op d'Spidol gefall ass. De Schock war ëmsou méi grouss well och 22 Leit hiert d'Liewen hu misse loossen. Mir kennen dësse Famille leider hier Verstuerwen net zréckhuelen, mee mir sinn awer, an enger Zesummenaarbecht mam Kooperationsministère, um gudde Wee fir d'Spidol nees opzebauen esou dass d'Servicer erëm gläich kenne fonctionnéieren.

Mir ginn iech an dësem Bulletin och e puer Andréck vum Sara a Joshua, déi bei eisem Partner op Haiti e Volontariat maachen. Mir sinn immens frou, dass all Joer erëm Leit sech bei eis melle fir esou eng Erfahrung ze maachen.

Wéi dir wësst steet eisen „Accord cadre“ ënnert dem Zeechen „Stärkung vun eise Partner“ & „Collaboratioun tëscht eise Partner am Süden“, mam Zil „een“ soll vun dem „anere“ léieren. An deem Kader hu schonn zwee esou Treffte stattfonnt, zu Kampala am Uganda an zu Recife a Brasilien. Eis Partner si begeeschtert vun dëser flotter Austauschméiglechkeet.

Ech well op dëser Plaz awer och dem Claudine Klein Merci soen. D'Claudine huet sech spontan bereet erkläert als Benevole eisen 2 Mataarbechter um Büro stonneweis ënnert d'Ärem ze gräifen.

Ech wënschen iech elo vill Spaass beim duerchliese vum Bulletin a soe bis geschwënn op eiser Generalversammlung de 26.06. !

Claude Metz
President

Bonjou tout moun,

Säit 6 Méint wunne mir elo hei zu Savanette op Haiti. Savanette ass e klengt Bauerenduerf, wat an der Gemeng vu Mont-Organisé an de Bierger un der Grenz zur Dominikanescher Republik leit. Et gëtt keng staatlech opgebauten Infrastruktur an sou Dierfer am Hannerland, zum Beispill gëtt et keng eng Strooss zu Savanette. Dat heescht wann et gereent huet kennt een hei net fort. Dann gëtt et natierlech och keng Waasser- oder Stroumleitungen. D'Waasser geet een sech mat engem Eemer bei eng Quell sichen a Stroum hunn déi wéinegst, ausser déi, déi sech eng Solarzell oder e Generator leeschte kennen. Duerch déi feelend Infrastruktur gëtt et hei sou gutt wei keng Economie, e Supermarché oder eng Fabrick sinn onvirstellbar. Dat feiert dozou, dass 90% vun de Leit keng Aarbecht hunn ausser déi op hiren eegene Felder. Dat eenzegt wat et aus eiser moderner Zäit gëtt sinn Handy'en a Motorrieder. D'Liewen hei ass haart an net ze vergläiche mam lëtzebuergesche Standard. Fir sech un déi Situatioun ze gewinnen an domat eens ze ginn hu mir op mannst 1 Mount gebraucht.

Mëttlerweil si mir awer komplett hei agelieft a sou gutt integréiert wei et als Wäissen hei méiglech ass. Mir kënnen eis op Kreolesch verstännegen a kennen sou gutt wei jiddereen hei am Duerf. Besonnesch mat der Famill Joachin bei der mer wunnen, versti mer eis ganz gutt a mir fillen eis bei hinne bal wei doheem.



Schoul vu Zilma, Haiti

De Wilfrid Joachin, eise Gaaschtpapp, ass dee Mann deen hei zu Savanette PACNE (Action contre la pauvreté du Nord-Est) matgegrënnt huet a säi Liewen doran investéiert huet. PACNE ass eng Organisatioun déi sech a verschiddene Beräicher engagéiert, a wann se een auslännesche Partner fënnt och mol grouss Projet'en ëmsetzt. Ee vun deene Partner ass d'AMU déi vun 2015-2018 de Projet vun der Coopérative Agricole mat finanzéiert huet. D'Coopérative probéiert mat der Hëllef vu senge Membere verschidde Produiten unzabauen, ze veraarbechten an ze verkafen. Mat dem Profit stellt si hire Memberen eng Liewensversécherung a Mikrokreditter zur Verfügung. Dem Joshua seng Aarbecht besteet doran, mat de Membere vun der Coopérative op d'Feld ze goen an hinne bei hirer deeglecher Aarbecht ze hëllefen. Sief et de Buedem ze preparéieren, ze planzen, ze fleegen oder d'Recolten eran ze huelen. Hien huet Râis geschnidden a gedréchent, Yam ausgegruewen, Bounen a Kabes gepléckt, Banannebeem geschnidden, Mais a Boune geséint, Râis, Auberginnen a Yam geplanz, Kompost gemaach, genätzt, Onkraut gekappt, an de Buedem ëmgegruewen. Och wann alles ob der Hand gemaach gëtt, ass d'Aarbecht schnell gemaach, wa genuch Leit schaffe kommen. Mëttwochs, wann déi meeschte Leit kommen, sinn et der oft méi wei 50. Déi ginn dann op verschidde Chantieren opgedeelt, well wann ze vill Leit beienee sinn, gëtt just geschwat a gelaacht. D'Leit komme gäre schaffen, si gleewen un de Projet, an d'Feld ass zum sozialen Treffpunkt ginn, wou jiddereen d'Neiegekeiten aus dem Duerf erzielt.

Ënnert anerem huet PACNE mat der Ënnerstëtzung vun der AMU nach 3 communautaire Schoulen hei an der Gemeng gebaut.



MERCI dëse flotten Aktiounen

E besonnesche Merci wëlle mir an dësem Bulletin deene Leit soen, déi duerch flott Eegeninitiativen Projekte vun der AMU ënnerstëtzen.



E grouse Merci geet un d'Caves Leuck-Thull vun Éinen. Si haten déi super Iddi pro verkaafte Fläsch Wäin vun hirer Prestige Gamme 1,25 € un d'AMU ze spenden. Sou konnt een dee gudder Wäin och nach mat guddem Gewësse genéissen. Matt dëser flotter Aktioun hu si 350 Euro fir d'AMU gesammelt. En decke Merci!

De Félicien ass am Moment op 7ème am Lycée Aline Mayrisch a sollt sech en Défi stellen. Hien huet sech dofir eng flott Erausfuerderung iwwerluecht: den 3. März ass hien de Spiridon Bëschlaf vu 5 km gelaf an huet Sponsore

An där enger zu Zilma schafft d'Sara an der Spillschoul, wou d'Joffer 43 Schwäikanner an hirer Klass setzen huet an all Hëllef gutt gebrauchte kann. Während 5 Stonne geet et dann drop an derwidder, well haitianesch Kanner „Désordre“ sinn, mee iergends-wéis klappt et awer fir de Kanner bëssen eppes bäizebréngen. Haaptsächlech leieren d'Kanner d'Zuelen an d'ABC, an donieft gëtt och nach vill gesongen a gespillt. D'Schoul ass hei ganz anescht wéi bei eis, sief et dass se engersäits mol manner wichteg ugesi gëtt an dofir vill Schüler einfach oft net an d'Schoul kommen. Anerersäits ass dat eenzegst Bestrofungsmëttel de Bengel.



Well et eng communautaire Schoul ass, mussen d'Elteren net grad sou vill bezuele wéi an deenen anere Schoulen. An awer ginn et ëmmer Schüler déi net bezuele kënnen, a meeschtens awer weider an d'Schoul dierfe kommen. Dat féiert dozou, dass d'Direktioun Problemer huet fir déi 7 Schoulmeeschteren anstänneg ze bezuelen. Trotzdeem kommen si meeschtens schaffen, och wann d'Motivatioun net ëmmer déi gréisst ass. D'Schoul kann dowéinst net déi beschte Bildung ubidden, mee déi Bildung ass definitiv besser wei keng. Ier dass déi communautaire Schoul gegrënnt gouf, gouf et an där Géigend keng aner Schoul, sou dass vill Kanner guer keng Méiglechkeet hate fir eppes bäizeléieren. Zudeem sponsert eng haitianesch Organisatioun nach Weess a Bounen, sou dass d'Kanner bal all Dag eppes z'iesse kréien.

An eiser Fräizäit hu mer bis elo d'Mauere vun der Schoul zu Zilma frësch ugestrach a sinn am Moment nach am gaangen eng grouss Schaukel do opzerichten. Ausserdeem ware mer schonn déi eenzeg Sehenswierdegkeet vun Haiti kucken, eng riseg Festung op der Spëtzt vun engem Bierg.

gesicht, déi hie mat engem Don pro Km ënnerstëtzt hunn. Sou huet hien 345 Euro gesammelt fir dass de Lycée zu Bukoba an Tansania mat techneschem Material ausgestatt ka ginn. Mir fannen dat super a soen dem Félicien villmools Merci a Felicitatioun fir de reusséierten Défi!



Mir hunn en héichrangege Korruptiker kennegeléiert an hunn eis och schonn e Bild vun der krimineller Hauptstadt Port-au-Prince gemaach, wou Milliounen vun extrem Aarme mat e puer Gangsteren, auslännesche Geschäftsleit a räiche Politiker zesumme-liewen. Fir eise Visa ze verlängeren, ware mer och eng Kéier eng kleng Vakanz an d'Nopeschland Dominikanesch Republik maachen, wou ee soubal een iwwert déi iwwerlaffe Grenz ass, sech erëm an engem plus/minus organiséierte Land befënnt. Fir de Rescht këmmere mer eis em eisen Haushalt a setze mat den Haitianer ronderëm.



Schaukel am Schoulhaff vu Zilma

Eis gefält et ganz gutt hei, och wann déi haitianesch Mentalitéit eis heiansdo net gefält. Mir sinn dankbar fir déi Situatioun an déi mir a Lëtzebuerg gebuer goufen. Mir sinn och dankbar dass d'AMU eis begleet huet fir eise Volontariat ze preparéieren a méiglech ze maachen. Mir géifen all Mënsch am gëllene Käfig et uroden eng kéier ee Volontariat ze maachen.

Sara a Joshua

Säit enger Réi Jore bitt d'AMU e « Parrainage de classe » zu Haiti un. Matt 15,- , 30,- , 50,- oder 100,-€ de Mount kennt dir d'Schoul zu Zilma ënnerstëtzen. Méi Informatiounen beim Büro.



Och dem Club 41 wëlle mer villmools Merci soen. Matt 280 Liesbrëller, déi si un d'AMU gestëft hunn an déi bei eise Visite mat an d'Projete gaange sinn, erlaben si et ville Leit, déi keen Accès zu Brëller hunn, besser liesen ze kënnen. Iwwer 2,5 Milliarde Leit op der Welt hunn Aepproblemer (Vision Impact Institute) woubäi 90% vun de Beträffenen a Länner mat nidderegem Akommes liewen. Des Leit mussen mat 2-5 USD den Dag liewen a kennen sech deemno oft keng Brëller kafen. Dem Club 41 dofir och e grouse Merci fir des super Aktioun.

... in Afrika und Südamerika

Vernetzung unserer Partner

Ein wichtiges Ziel unseres derzeitigen Rahmenabkommens mit dem Ministerium ist die Vernetzung unserer lokalen Partner. Über die 4 Jahre des Abkommens (2018-2021) sind elf Workshops geplant, bei denen die verschiedenen Partner zusammen kommen und sich über gemeinsame Themen austauschen können. Jeder kann/soll von jedem lernen.

Die Idee dieser Workshops zwecks Vernetzung und Austausch der Partner entstand, als im Jahr 2014 zwei Angestellte des Krankenhauses in Kinshasa, Kongo, ein Krankenhaus in Nyakaiga, Tansania besuchten. Zahlreiche Tipps und Tricks, sowie best practices und Vorschläge wurden ausgetauscht und umgesetzt, welche für beide Partner, insbesondere jedoch für das kleinere Ortskrankenhaus in Nyakaiga von bedeutender Hilfe waren. Aber auch anders herum: „In Nyakaiga sahen wir zum Beispiel ein viel besseres Ordnungssystem im Medikamentenlager“, so Arthur Ngoy, Direktor des Moyi Mwa Ntongo Krankenhauses in Kinshasa, „das haben wir sofort nach unserer Heimreise so übernommen“.



Versammlung in Kampala

Geboren war somit die Idee unseren Partnern die Möglichkeit zu bieten, Treffen in den verschiedenen Projekten zu organisieren. Während eines ersten Treffens im November 2018 kamen Partner aus dem Kongo, aus Uganda und aus Tansania zusammen. Alle drei Partner betreiben ein Krankenhaus, haben jedoch den Schwerpunkt teilweise auf unterschiedliche Themengebiete gelegt. Während die drei Krankenhäuser die verschiedensten Leistungen anbieten, liegt in Uganda der Schwerpunkt beispielsweise eher auf einem HIV/AIDS Projekt, in Kinshasa hingegen auf der Geburtenstation und in Dar es Salaam im Bereich der Mangelernährung. Dies ermöglichte es den Partner, viel voneinander zu lernen, sie deckten Gemeinsamkeiten und Unterschiede auf und erarbeiteten gemeinsam Verbesserungsvorschläge.



Versammlung in Recife

Ähnlich verlief ein zweites Treffen, welches im März 2019 in Brasilien stattfand. Hier trafen unsere Partner aus Argentinien, Bolivien und Brasilien ein erstes Mal aufeinander, um sich über ihre Projekte und Ideen auszutauschen und sich miteinander zu vernetzen. Bei allen drei Organisationen geht es um die Stärkung der Kapazitäten der lokalen Bevölkerung: in Brasilien um die der landwirtschaftlichen Organisationen, in Argentinien um die lokaler Entwicklungsorganisationen und in Bolivien um die der Kinder- und Jugendbetreuungen. Die Partnerorganisationen begrüßten die Möglich-

keit, ihre Arbeit gemeinsam mit anderen Organisationen zu reflektieren. Bereits zwei Telefonkonferenzen wurden vereinbart, um das nächste Treffen Ende des Jahres vorzubereiten. Die ersten beiden Treffen empfanden alle Partner als sehr interessant und hilfreich. Wir sind zuversichtlich, dass auch die weiteren Treffen ein Erfolg sein werden und die Partner hier die Gelegenheit bekommen, sich intensiver mit verschiedenen Aspekten auseinanderzusetzen und sich auch im Alltag über elektronische Medien gegenseitig helfen und stärken zu können.

Projets actuels

Tanzanie: Bukoba - femmes marginalisées, Bukoba - éducation, Nyakaiga - hôpital, Dar es Salaam - nutrition

Ouganda: Kampala - VIH/SIDA

R.D.Congo: Kinshasa, Kikwit, Lubumbashi - formations continues

Brésil: Pernambuco - agronomie écologique

Argentine/Bolivie: renforcement des capacités de 9 organisations

Budget total Accord Cadre: € 2.005.328,20

Budget AMU: € 526.230,25

Projet d'urgence: Kinshasa - hôpital

... à Mata Norte au Brésil

Aide aux communautés paysannes par le renforcement des pratiques agro-écologiques

En 1997, des personnes « Sans Terre », comme on les appelle au Brésil, se sont installées sur des terres dans la région Pernambuco pour lutter pour leur droit de propriété. Ces paysans pauvres ont lutté dans le cadre d'une réforme agraire pour que l'État leur attribue des terres afin de pouvoir vivre de leurs propres cultures et de pouvoir nourrir leurs familles. Finalement, en 2003 l'État brésilien a donné son accord pour la remise de terres à 250 familles réparties dans ces 5 communautés. Chaque famille a reçu un lot de 6, 7 ou 8 ha.



Plantation écologique de légumes

CPT, la Commission Pastorale de la Terre, notre partenaire sur place, accompagne ces familles depuis 2003 dans un processus d'apprentissage pour cultiver ces terres par des méthodes de production agro-écologiques. Il s'agit d'un processus très lent et difficile puisque, depuis des générations, les gens ne connaissent que les monocultures de canne à sucre et l'utilisation de produits chimiques.



Plantation écologique de bananes

L'agro-industrie est prédominante au Brésil. La région de Pernambuco est un des plus grands producteurs de canne à sucre au Brésil. La canne à sucre est plantée selon une période de production de 5 ans. La récolte dans cette région se fait à la main, vu que le paysage vallonné ne permet pas l'utilisation de grandes machines comme dans d'autres régions du Brésil. Il s'agit d'un travail très dur et souvent les gens travaillent jusqu'à 12 heures par jour. Les salaires payés par l'agro-industrie sont très bas. Tellement bas, que notre ONG partenaire parle même d'une forme d'esclavage moderne. Pour rendre plus efficient la récolte à mains, les champs sont brûlés ce qui provoque énormément de problèmes respiratoires chez les travailleurs. De plus, la biodiversité a complètement disparu de cette région et le fait que la canne à sucre soit plantée sans alternance avec d'autres cultures a appauvri complètement les terres, nécessitant des quantités énormes de pesticides et d'engrais. Le mot « catastrophe écologique » ne peut être mieux choisi pour décrire l'exploitation des milliers de ha à Pernambuco.



Partenaire local - CPT

Comme beaucoup de personnes sont malades, les familles des communautés commencent à comprendre que l'utilisation de pesticides est dangereuse. Majoritairement pour des raisons de santé, 50 familles ont décidé de participer dans ce projet de promotion d'une agriculture écologique, que CPT en collaboration avec AMU réalise depuis 2018. Cependant, il est à noter qu'il s'agit d'un défi énorme. L'atteinte d'un changement de mentalité endéans quelques années par rapport à des générations qui ont travaillé avec les engrais et pesticides forts, correspond presque à une utopie.

Mais, lors de notre visite en octobre 2018 et lors des entretiens menés, nous avons remarqué une volonté très forte de sortir de cette emprise par les monocultures, les engrais et les pesticides.

Après cette semaine dans la région de Pernambuco, nous sommes convaincus qu'il s'agit d'un projet très ambitieux géré par une équipe motivée et dynamique. Le projet donne non seulement de l'espoir aux familles mais offre aussi des solutions et des perspectives pour que la prochaine génération puisse mieux vivre.

Claude Steichen

Contact Action pour un Monde Uni

Siège Social/Bureau

11, Kirchestrooss L-5741 Filsdorf

Les permanences du bureau:

lundi à jeudi toute la journée

Tél: 26 67 12 61 - office@amu.lu - www.amu.lu

www.facebook.com/ActionpourunMondeUni

www.instagram.com/ActionpourunMondeUni


Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Bechara Ziadé (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Christiane Stein (membre), Marianne Harpes (membre), Riza Paula Santos Fortes (membre)

Jil Streber et Claude Steichen
(gestionnaires de projets)

... in Entebbe im Uganda

Im April besuchten Claude und Jil die Organisation Foodstep in Entebbe, Uganda. Bereits 2015 berichteten wir von dieser Organisation, die 2008 auf Initiative einer belgischen Familie hin gegründet wurde. Mittels wöchentlichen Besuchen, juristischer Unterstützung, Nahrung, Kleidung, medizinischer Versorgung und psychologischer Begleitung unterstützt Foodstep die Kinder im Kindergefängnis Kampiringisa. In Kampiringisa,



Sie galt als verhext

„einem zukunftslosen, stinkenden und gefährdeten Ort“ sind ungefähr 300 Kinder inhaftiert. Bis auf zwei Ausnahmen, ist ihre „Straftat“ lediglich jene, dass sie Straßenkinder sind. Nathalie und Werner leiten ihre Aktivitäten gemeinsam mit 45 Angestellten. Sie führen ein Heim, in dem sie alle Kinder aufnehmen, die aus dem Gefängnis entlassen werden, kümmern sich um ihre Schulgebühren und bieten ihnen in ihrem Ausbildungszentrum Berufsausbildungen an. In Kampiringisa haben sich die Zustände somit ein wenig verbessert.

Neben den Kindern aus Kampiringisa wohnen im Foodstep Heim auch jene Kinder welche als „verhext“ gelten und verkauft, gestohlen, geopfert und gefoltert wurden. Das Heim ist bekannt in der Region und oftmals wird Nathalie in der Nacht verständigt, wenn jemand von einer Kinderopferung erfährt. Die Kinder haben meist sehr gewaltvolle Foltermethoden durchgemacht und bedürfen einer dringenden medizinischen Versorgung. Hexenmeister opfern in Uganda Jungen und Mädchen und versprechen ihren Kunden somit Reichtum und Gesundheit. Besagt wird auch, dass Kinderopfer beispielsweise Impotenz, Unfruchtbarkeit und schwere Krankheiten heilen können. Bei einem Neubau ist es zudem üblich ein lebendiges Kind im Fundament einzubetonieren; dies soll das Gebäude segnen und Glück bringen. Das Blut der Kinder gilt als Zaubersant, bei lebendigem Leib entfernt man ihnen Zungen, Gliedmaßen, Hände, Füße, Genitalien,... Die meisten Opfer sind unter 5 Jahre alt, diese Kinder gelten als rein und sind somit am kostbarsten.



Sie wurden als Opfergabe verstümmelt

Bei Kinderopfern handelt es sich um eine Straftat, welche auch in Uganda verboten ist. Es ist keine alte Tradition, sondern eine Praktik die sich erst im Laufe der letzten 10-20 Jahre entwickelt hat. Es ist ein Verbrechen, das heimlich begangen wird und von strukturellen Faktoren wie Armut, Arbeitslosigkeit, Ernährungsunsicherheit, einem fehlendem Rechtsrahmen, mangelndem Kinderschutz, und soziokulturellen Überzeugungen angetrieben wird.

Im Foodstep Kinderheim sind auch Kinder aufgehoben, die für illegale Organtransplantationen und Adoptionen verkauft worden sind. Der Besuch von Foodstep hat uns sehr bewegt und verschiedene Wege der Kooperation wurden besprochen: Erstmals soll ein Audit umgesetzt werden um es der NGO zu

ermöglichen sich nachhaltiger zu gestalten. Vieles lastet auf den Schultern von Nathalie, Ziel ist es die Aufgaben gleichmäßiger zu verteilen. AMU hat Foodstep außerdem mit dem Krankenhaus Zia Angelina in Kampala vernetzt, welches wir bereits unterstützen. Des Weiteren wollen wir Foodstep regelmäßig finanziell zur Seite stehen, um die ärztlichen Behandlungen der Kinder zu gewährleisten.

Jil Streber



Sie alle tragen Narben - gerettete Kinderopfer im Foodstep Heim

... à Kinshasa, à Kikwit et à Lubumbashi en R.D.Congo

En avril 2019, Jil et Claude se sont rendus à Kinshasa afin de visiter les projets soutenus par l'AMU. C'est presque depuis la création de l'AMU que nous maintenons un lien très intense avec « l'Association pour l'Économie de Communion » (AECOM) du Congo. Il est vrai que nous avons retrouvé une équipe qui n'a rien laissé de son dynamisme et de sa volonté de s'engager pour les plus vulnérables.

Odon Makela, membre fondateur de AECOM en 1991, fait toujours partie de l'équipe, ce qui prouve déjà la structure durable de cette organisation. C'était impressionnant de connaître mieux Odon qui poursuit son engagement avec la même fraîcheur et le même enthousiasme que lorsque AMU a soutenu AECOM pour la construction d'une première annexe du centre médical en 2007.



Partenaire local - AECOM

AECOM a toujours mis l'accent sur la formation dans ses projets, ce qui coïncidait très bien avec la stratégie d'intervention de l'AMU. Actuellement, nous soutenons un projet de renforcement des capacités pour des jeunes adultes en offrant des formations continues gratuites. Ce projet a connu dès le début une très forte demande de la part des jeunes. Il y a même des listes d'attente pour certaines formations. Lors de notre visite, nous avons eu la chance de visiter les formations en coiffure, en esthétique ainsi qu'en couture. Les participants nous ont beaucoup remercié pour cette opportunité et nous ont parlé de leur motivation et de leurs plans pour le futur. A Kinshasa, la majorité des jeunes n'ont pas accès à des formations professionnelles, souvent par défaut de moyens.



Formations continues en coiffure

L'AMU a aussi lancé avec l'aide du Ministère de la Coopération Luxembourgeoise un projet d'urgence pour une remise en fonction du centre médical à Kinshasa, qui, suite à l'effondrement d'un silo à céréales d'une usine voisine a été gravement endommagé. La première partie de ce budget a été dépensée pour acheter le matériel indispensable pour le bon fonctionnement de l'hôpital : des tenues de travail, tout l'équipement de la buanderie, des kits opératoires, ainsi que des armoires et tables de chevet. Après de nombreuses discussions et démonstrations, le deuxième silo a été démonté et l'usine a été fermée. En ce moment, notre partenaire est en train de revoir les plans de reconstruction pour la partie endommagée de l'hôpital. Ensemble avec d'autres fonds récoltés par l'AECOM, le reste du budget va servir pour démolir et reconstruire cette partie endommagée.

Jil et Claude

... Neueröffnung des Buttek Mosaik

Am 7. September 2019 öffnet „Buttek Mosaik“ in Filsdorf wieder seine Türen!

Über 18 Jahre lang verkaufte „Buttek Mosaik“ Geschenkartikel aus der ganzen Welt und konnte so über 250.000 Euro in soziale Projekte investieren. Ein ganz großes Dankeschön an alle ehrenamtlichen HelferInnen.

Nach all den Jahren war es an der Zeit das Konzept zu überdenken. Ziel der neuen Strategie ist es, Produkte zu verkaufen die den täglichen Bedürfnissen der Kunden nachkommen und die ökologischen und sozialen Nachhaltigkeitskriterien entsprechen: regional, saisonal, umweltfreundlich, biologisch, fairer Handel, ohne Verpackung bzw. Mehrwegverpackungen oder umweltfreundliche Verpackungen.

Beim „Buttek Mosaik“ handelt es sich nach wie vor um ein soziales Projekt, welches von Ehrenamtlichen getragen wird. Der Laden bezahlt weder Miete noch Löhne, sondern spendet den Jahresgewinn integral. Die Kunden können somit nachhaltige, regionale Produkte kaufen mit dem Wissen, dass ihr Geld wieder in soziale Projekte investiert wird.

Save the Dates!!

Ab 7. September können Sie jeden Samstag (09:00-12:00 h) und Mittwoch (17:00-19:30 h) im „Buttek Mosaik“ einkaufen. Eine offizielle Eröffnungsfeier findet zusammen mit der jährlichen Weinverkostung am 2. Oktober 2019 statt. Wir freuen uns sehr auf Ihr Kommen!

Comment soutenir nos actions?

Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de

Action pour un Monde Uni

BIL: LU14 0021 1349 0900 0000

CCPL: LU83 1111 1287 6344 0000

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.

Faites un don avec votre application mobile Digicash (1,55% commission HTVA)



Si vous désirez recevoir notre bulletin par email, merci de nous faire un mail à office@amu.lu